N°616
Entrée le 31.05.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 616 vum 15. Abrëll 2024 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Alexandra Schoos.**

*1. Wéi vill Kanner sinn zënter der Eréffnung vun der Pediatrie zu Ettelbréck scho versuergt ginn? Wat ass déi duerchschnëttlech Unzuel u Kanner, déi pro Dag an d'Pediatrie kommen?*

Zënter der Erweiderung vun den Ëffnungszäite vum Service de Pédiatrie de proximité zu Ettelbréck den 1. Februar goufen 1827 Kanner am CHdN gesinn (Zuelen bis den 21. Mäerz 2024 inclus). Pro Dag komme ronn 40 Kanner an d'Consultatiounen am Service Urgences. Kleng Noutfäll ginn nuets vum Pédiatre de garde gesinn.

*2. Ass genuch Personal (Kannerdokteren an Infirmipèren) do, fir d'Demande ze decken?*

Niewent de Kannerdokteren, souwuel een de garde wéi een d'astreinte d'appel, huet den CHdN 2,5 ETP Infirmiersposte bäikritt am Budget fir der neier Situatioun vun den Ëffnungszäite Rechnung ze droen.

*3. Besteed eng passeng a konform Infrastruktur fir eng Pediatre bzw. eng Noutfallpediatrie zu Ettelbréck (Wartesall, Behandlungsraim, Kummeren a Better, Material)?*
*Wann net, wéi gedenkt d'Regierung hei virzegoen?*

Am Kader vum Service Urgences erlaben d'Infrastrukturen et souwuel de klenge Patiente wéi och den Elteren e beschtméiglechen Accueil an eng beschtméiglech Versuergung ze garantéieren. Den Erweiderungsprojet vum Service Urgences deen aktuell ëmgesat gëtt, wäert et erlaben dediéiert Lokaler fir d'Prise en charge vun de Kanner ze amenagéieren.

*4. Sinn d'Elteren (genuch) informéiert ginn, wéini si mat hirem Kand an den CHdN fueren däerfen?*

Informatiounen an Detailer zu der Reorganisatioun vum Service pédiatrique vum CHdN si souwuel an der geschriwwener Press, souwéi och um Site www.sante.lu an der rubrique „Gardes pédiatriques" publizéiert ginn. De Link Pédiatrie de proximité - CHdN | Centre Hospitalier du Nord féiert direkt op de Site vum entspriechende Service am CHdN.

*5. Wéi ginn d'Situatioune geréiert, wann elo awer Eltere mat hiere Kanner an den CHdN kommen obwuel d'Situatioun verlaangt hätt, datt si an den CHL hätte fuere missen?*

*6. Wéi gëtt den Triage am CHdN gemaach a wien hëlt d'Decisioun, ob et sech ëm e Kand mat schlëmmer Krankheet handelt, déi eng Hospitalisatioun verlaangt. (Maladies graves nécessitant une hospitalisation)?*

Wéi an der Äntwert op d'QP 8052 vum 2. Juni 2023 beschriwwen, ass et den Dokter am Service Urgences oder de Pédiatre de garde deen d'Decisioun hëlt ob d'Kand kann am CHdN behandelt ginn, oder ob et am Interêt vum Patient ass fir an d'Kannerklinik transferéiert ze ginn.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

*7. Wéi vill Ambulanze mat Kanner sinn awer an den CHdN gefuer? Wéi gëtt hei d'Situatioun geréiert, wann dat de Fall ass?*

*8. Ass all CIS (Centre d'incendie et de secours) mat Ambulanzen informéiert ginn, datt si mat Kanner an d'Kannerklinik an den CHL fuere mussen)?*

Je no Schweregrad vun der Verletzung an no Ofsprooch tëschent dem Samu Dokter an dem Spidol kann d'Entscheedung getraff ginn direkt an d'Kannerklinik ze fueren oder net.

Detailléiert Zuelen hu mir net virleien.

Lëtzebuerg, den 31. Mee 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez